EXPOSITION PHOTOS

OU COMMENT VIVRE PLEINEMENT LE GRAND ÂGE !

KATALOG / FOTOAUSSTELLUNG SERVIOR
BRUNO OLIVEIRA

SERVIOR

EXPOSITION PHOTOS

VISAGES

OU COMMENT VIVRE
PLEINEMENT LE GRAND ÂGE !

SERVIOR

Copyright SIP/Yves Kortum

PRÉFACE

An een Alters- oder Fleegeheem ze plënneren a säin Doheem hannert sech ze loossen, ass fir vill eeler Leit kee liichte Schrëtt. Duerfir ass et ëmsou méi wichteg, datt hinnen an de Strukturen een neit Doheem gebuede gëtt, wou si vun opmierksamen a qualifizéierte Leit ëmsuergt ginn an zefridden an a gudder Gesellschaft liewe kënnen.

Dëser Vocatioun geet SERVIOR elo well 20 Joer no. An dësen 20 Joer si vill eeler Leit an de verschiddene Strukturen opgeholl a betreit ginn nom Motto „den Alter liewen".

Fir SERVIOR verstoppt sech hanner all Mann an all Fra eng Vergaangenheet, eng Geschicht.

Fir de Bewunner ze erméiglechen, den Alter kënne bewosst ze liewen, huet SERVIOR sech zum Zil gesat, des Eenzegaartegkeet vun all Persoun, och wann se altersbedéngt net méi op den éischte Bléck ersiichtlech ass, ze verstoen an esou all Bewunner mat Versteesdemech an am Respekt vu senger Perséinlechkeet ze betreien.

Fir SERVIOR ass et wichteg fir all Persoun, déi an engem vun hiren Haiser wunnt, een Doheem ze sinn an ech well vun dëser Geleeënheet profitéiere vir all deenen, déi bei SERVIOR schaffen, ee grousse Merci ze soe vir dat wat si all Dag leeschten.

D'Aarbecht an engem Alters- oder Fleegeheem ass keng Aarbecht ewéi eng aner. Dëse Beruff verlaangt vill Asaz, vill Empathie, an ass awer och, duerch den alldeeglechen Ëmgang mat de Bewunner, duerch hier Vergaangenheet an hier individuell Liewensgeschicht, räich un Echangen an esou eng wäertvoll Quell u Liewenserfarungen an tëschemënschleche Bezéiungen.

Domadder ass och schonn de Lien mat de ganz besonneschen, zum Deel intime Fotoe vun dëser Ausstellung hiergestallt. D'Fotoe spigelen déi verschidde Gesiichter, Generatiounen, a Liewensgeschichten aus der grousser SERVIOR-Famill erëm a ginn een Ableck an ee glécklechen an och heiansdo schwéieren Alldag an de Strukturen, wou Bewunner a Mataarbechter sech kennen, respektéieren, verstoen an appreciéiere léieren.

Ech wëll och dem jonke Fotograf e grousse Merci soe fir dësen afillsamen a respektvollen Temoignage vum Alldag an den Institutiounen a wënschen de Visiteure vill flott Andréck.

Merci SERVIOR fir dës flott Fotoausstellung a Bravo fir déi exzellent Aarbecht!

Corinne CAHEN
Familljen- an Integratiounsministesch

VISAGES OU COMMENT VIVRE PLEINEMENT LE GRAND ÂGE

Allier l'œil d'un jeune photographe luxo-portugais à la panoplie des regards de la grande famille SERVIOR, tel est l'objectif de l'itinéraire visuel « VisAges ».

En 2019, à l'occasion du 20ème anniversaire du leader national dans l'accompagnement et la prise en charge globale de la personne âgée au Luxembourg, SERVIOR avait demandé à Bruno Oliveira de revisiter le slogan « Den Alter liewen » en réalisant plus d'une vingtaine de témoignages visuels.

Le photographe s'est rendu dans les quinze centres d'hébergement de SERVIOR pour y rencontrer des pensionnaires et des collaborateurs, capter leur visage et leur(s) histoire(s) – et quelle(s) histoire(s) ! Loin d'une volonté purement esthétique, le lauréat de « Generation Art » place les personnages dans leur environnement habituel et authentique, leur cocon préféré de l'espace SERVIOR qui est enchanté tout simplement par la présence humaine.

Les portraits ou plus symboliquement tous ces « VisAges » racontent l'histoire de cette passion qui unit les résidents et les collaborateurs : vivre pleinement le grand âge ! C'est précisément dans cette « reconstruction du récit », cette relecture du slogan « Den Alter liewen » que l'artiste veut emmener le spectateur.

Tout comme SERVIOR assure une prise en charge des seniors à taille humaine, les portraits semblent être le prolongement iconographique de cette interactivité vécue au quotidien dans les centres d'hébergement.

Si l'exposition « VisAges » est un plaidoyer pour la vie à tous les stades du grand âge, elle représente aussi la vision que partagent l'ensemble de nos équipes sur cette grande famille que constitue SERVIOR !

Alain DICHTER
Directeur Général SERVIOR

BRUNO OLIVEIRA
PHOTOGRAPHY

Bruno Oliveira: gebuer zu Sanfins (Portugal) den 13. Mee 1993. Hien huet autodidaktesch, mat 18 Joer, Fotografie ugefaange. Am Joer 2014 an 2016 gouf de Bruno gewielt fir un der TV Show „Generation Art" op RTL Lëtzebuerg deelzehuelen, wou Kënschtler all Woch eng kreativ Challenge kruten an all Woch huet een missen d'Sendung verloossen. Wärend der Sendung vun 2014 huet hien eng Challenge gewonnen, fir déi säi Wierk um Cover vum Editus 2015 - 2016 Telefonsbuch zu Lëtzebuerg publizéiert gouf. 400.000 Exemplare goufen am ganze Land produzéiert a verdeelt. D'Show vun 2016 war fir d'Fotografie gewidmet. Hie gouf als Gewënner ernannt nodeems hien seng Aarbecht mat zwee anere Finalisten an de Rotondes gewisen huet. No senger Experienz bei „Generation Art", am Joer 2014, huet de Bruno decidéiert seng Aarbecht als Educateur an enger Maison Relais ze verloossen fir visuell Konscht a Fotografie zu Bréissel ze studéieren.

Vu portugisescher Hierkonft, wollt hie ëmmer dës Kultur entdecken, déi him a senger Jugend esou onbekannt war. Well hien net genuch iwwer dëst Thema wosst, wollt hien e méi präziist Bild vu sengem Hierkonftsland a senger Kultur hunn. A senger Aarbecht weist hien e markéierte Interesse fir Gemeinschaften a Rees. Et muss eppes Besonnesches sinn an de Saachen, déi hie fotografiéiert, eppes wat hien opmierksam mécht an him ee Grond ausléist. Fir de Bruno ass et essentiell datt seng Aarbecht eppes iwwer eng Plaz oder eng Persoun erzielt, déi e muss erënneren oder iwwerdenken.

Bruno Oliveira : né à Sanfins (Portugal) le 13 mai 1993. Autodidacte, il a commencé la photographie à 18 ans. En 2014 et 2016, Bruno a été choisi pour participer à l'émission télévisée « Generation Art » sur RTL Luxembourg, composée d'artistes recevant un défi créatif chaque semaine. Lors de l'émission de 2014, il a remporté un défi pour lequel son travail a été publié sur la couverture du catalogue téléphonique Editus 2015 - 2016 au Luxembourg. 400 000 exemplaires ont été réalisés et distribués dans tout le pays. L'émission de 2016 était dédiée à la photographie. Il a été nommé gagnant après avoir exposé son travail avec deux autres finalistes aux Rotondes. Suite à son expérience chez « Generation Art » en 2014, Bruno a décidé de quitter son poste d'éducateur dans une Maison Relais pour étudier les arts visuels et photographie à Bruxelles.

D'origine portugaise, il a toujours voulu découvrir cette culture qui lui était si inconnue dans sa jeunesse. Ne sachant pas assez sur ce sujet, il souhaitait avoir une image plus précise de son pays d'origine et de sa culture. Dans son travail, il manifeste un intérêt marqué pour les communautés et les voyages. Il doit y avoir quelque chose de spécial dans les choses qu'il photographie, quelque chose qui l'attire et lui donne une raison de déclencher. Bruno pense qu'il y a quelque chose d'essentiel dans l'impulsion d'enregistrer quelque chose. Pour lui, l'existence de ce quelque chose à propos d'un lieu ou d'une personne fait qu'il éprouve le besoin de le capturer, de s'en rappeler, ou d'y repenser.

VIANDEN

Ingrid Schwalke-Jaworski, 83 Joer, „Sanatorium"

Ingrid Schwalke-Jaworski, *83 ans, «Sanatorium»*

A DOLCE VITA

LA DOLCE VITA

„Et kéint ee mengen, et géif een op enger Piazza an Italien sëtzen", schwäermt déi 84-järeg Seniorin op der Terrasse vum geschichtsträchtegen SERVIOR-Haus „Sanatorium" zu Veianen um Zauberbierg.

«On pourrait se croire sur une piazza en Italie», rêve la senior âgée de 84 ans sur la terrasse de la maison historique de SERVIOR «Sanatorium» à Vianden sur le Zauberbierg.

DIEKIRCH

Filipe Campos, Service restauration, „Bei der Sauer"

Filipe Campos, *Service restauration, «Bei der Sauer»*

E CHAMPION

LE CHAMPION

„Quand j'ai envie de faire quelque chose, rien ne m'arrête", sou ass Devise vum Filipe Campos, deen zu Dikrech am SERVIOR-Haus „Bei der Sauer" als Serveur schafft an europäesche Vize-Champion an den Arts martiaux ass. Fir 2020 huet hien d'Europameeschterschaft zu Lissabon an d'Weltmeeschterschaft zu Las Vegas am Bléck.

«Quand j'ai envie de faire quelque chose, rien ne m'arrête», telle est la devise de Filipe Campos, qui travaille à Diekirch dans la maison SERVIOR «Bei der Sauer» en tant que serveur et qui est vice-champion d'Europe des arts martiaux. Pour 2020, Filipe vise les Championnats d'Europe à Lisbonne et la Coupe du monde à Las Vegas.

HOWALD

René Keller, 87 Joer, „Beim Klouschter"

René Keller, *87 ans, « Beim Klouschter »*

"D E SCHAUSPILLER"

L'ACTEUR

An der ZDF-Serie „Der Millionär" war de René Keller, 87 Joer, Statist. An net manner wéi 12 Filmproduktiounen huet de pensionéierten Eisebunner matgewierkt. Wann hien net virun der Kamera stoung, da war de René Keller an de Sportsveräiner zu Bouneweg aktiv. Am CIPA „Beim Klouschter" um Houwald begéint een de joviale Barcelona-Fan oft mat sengem Handy an der Lobby.

Dans la série ZDF « Le millionnaire », René Keller, 87 ans, était figurant. Ce n'est dans pas moins de 12 productions cinématographiques que le retraité des chemins de fer a participé. Lorsqu'il n'était pas devant la caméra, René Keller était actif dans les clubs sportifs de Bonnevoie. Dans le hall d'accueil du CIPA « Beim Klouschter » de Howald, on rencontre souvent ce jovial fan de Barcelone, son portable à la main.





Carina Da Silva Mineiro, Auxiliaire de vie,
„Grand-Duc Jean"
Carina Da Silva Mineiro, *Auxiliaire de vie,*
«Grand-Duc Jean»

"WANN D'KONSCHT D'LIEWEN AN ALL SENGEN FORMEN FEIERT"

QUAND L'ART FÊTE LA VIE DANS TOUS SES ÉTATS

Auxiliaire de vie am CIPA „Grand-Duc Jean" zënter 2014, huet d'Carina Da Silva Mineiro d'Raimlechkeete vun der GSG (Groupe socio-gérontologique) zu Diddeleng mat hire kreativen Iddien gefëllt. Gedreemt vun der Mataarbechterin vu SERVIOR an réaliséiert zesumme mat Clienten, déi un Demenz leiden, feieren d'Biller an dat skulpturell Ëmfeld vum GSG d'Liewe mat Faarwen a Materialien.

Auxiliaire de vie au CIPA «Grand-Duc Jean» de Dudelange depuis 2014, Carina Da Silva Mineiro a investi les espaces du GSG (Groupe socio-gérontologique) par ses idées créatrices. Rêvés par la collaboratrice de SERVIOR, puis réalisés ensemble avec des clients souffrant de démence, les tableaux et l'environnement sculptural du GSG fêtent la vie par les couleurs et les matériaux.

LUXEMBOURG

"

Marie-Louise Muller-Verplancken, 91 Joer, „Op der Rhum"

Marie-Louise Muller-Verplancken, *91 ans, « Op der Rhum »*

'LIEWEN AM ALTER GENÉISSEN"

PROFITEZ DE LA VIE À L'ÂGE AVANCÉ

E schéint Bild, e gutt Buch an e gesonde Virwëltz an d'Liewen eranzekomplimentéieren an esou d'Liewen zu engem faarwege Bouquet entstoen ze loossen: sou kéint de Liewensmotto vun dem Marie-Louise Muller-Verplancken heeschen, déi zesumme mat hirem Mann „Op der Rhum" den Alter liewen.

Un beau tableau, un bon livre et une saine curiosité, de quoi agrémenter sa vie et en faire un chatoyant bouquet coloré : voici comment pourrait s'intituler au quotidien la devise de Marie-Louise Muller-Verplancken et de son mari, qui profitent ensemble pleinement de leur bel âge sur le site « Op der Rhum ».



DUDELANGE

Joseph Kirchen, 88 Joer, „Grand-Duc Jean"

Joseph Kirchen, *88 ans, « Grand-Duc Jean »*

EN ONVERGIESSLECHE MOMENT

UN MOMENT INOUBLIABLE

De Joseph Kirchen fillt sech wuel am schéine Park vum CIPA „Grand-Duc Jean". Op der grousser Wiss schwäermt den 88-järege Senior wéi hien am Summer 2019 vun do aus mat engem Ballon gestart war an d'SERVIOR-Haus aus der Loft konnt kucken.

Joseph Kirchen se sent à l'aise dans le magnifique parc du CIPA « Grand-Duc Jean ». Sur la grande prairie, le senior de 88 ans rêve encore du moment lorsque durant l'été 2019, il s'est envolé depuis cet endroit en montgolfière et a pu contempler le centre SERVIOR depuis les airs.

DIEKIRCH

Marguerite Thill-Kalmes, 91 Joer, „Bei der Sauer"

Marguerite Thill-Kalmes, *91 ans, « Bei der Sauer »*

KARTEMUDDER AM BASCHELTER DIALEKT

« KARTEMUDDER » DANS LE DIALECTE DE BASCHELT

Déi 1928 gebuere Marguerite Thill-Kalmes aus dem SERVIOR-Haus „Bei der Sauer" zu Dikrech spillt all Owend zwou Stonne Kaart mat enger Matbewunnerin. Gär ass si an hirem schéin ageriichten Zëmmer, wou vill Erënnerungsstécker si mat hirem Heemechtsduerf Baschelt vernetzen.

Née en 1928, Marguerite Thill-Kalmes de la maison SERVIOR « Bei der Sauer » à Diekirch, joue chaque soir durant deux heures aux cartes avec une résidente. Elle aime être dans sa chambre joliment aménagée, où de nombreux souvenirs lui rappellent son village natal de Baschelt.

VIANDEN

Pierre Boewer, 80 Joer, „Sanatorium"

Pierre Boewer, *80 ans, « Sanatorium »*

"DE FËSCHER"

LE PÊCHEUR

„D'Personal ass immens engagéiert: Mir feelt et un näischt.
De Park an de Bësch ronderëm de Sanatorium sinn herrlech.
Hei kann ech och mengem Hobby – d'Fëschen – nogoen!"

« Le personnel est très engagé : je ne manque de rien.
Le parc et la forêt autour du Sanatorium sont merveilleux.
Ici, je peux aussi profiter de mon hobby - la pêche ! »

ESCH/ALZETTE

Jessica Wampach, Infirmière, „Op der Léier"

Jessica Wampach, *Infirmière, «Op der Léier»*

"BE HAPPY"

BE HAPPY

Sou steet et net nëmmen um Aarm vun der Infirmière Jessica Wampach aus dem CIPA „Op der Léier". „Be happy" ass hire Liewensmotto, dee si och an hirer Aarbecht lieft. D'Taass vu Bayern München, déi si vun engem Bewunner geschenkt krut, begleet si wärend hire Schichten.

«Be happy» n'est pas seulement inscrit sur le bras de l'infirmière Jessica Wampach du CIPA «Op der Léier». Telle est sa devise, qu'elle vit au quotidien dans son travail. La tasse du Bayern de Munich, qu'un résident lui a offerte, l'accompagne durant ses heures de travail.

ECHTERNACH

Jeanne Garson, 75 Joer, „Belle-Vue"

Jeanne Garson, *75 ans, « Belle-Vue »*

EN OPPENT OUER FIR D'MATBEWUNNER

À L'ÉCOUTE ATTENTIVE DE NOS RÉSIDENTS

Als Heemrotspresidentin bréngt d'Madame Garson sech am „Belle-Vue" zu Iechternach an a féiert Buch iwwert dat wat am CIPA zu Iechternach geschitt. Si huet en oppent Ouer fir hir Matbewunner an ass Sproochrouer fir „desiderata" vun de Pensionnairen.

En tant que présidente du Conseil de Maison, Mme Garson tient le livre du CIPA « Belle-Vue » d'Echternach et y inscrit tout ce qui s'y passe. Elle est toujours à l'écoute de ses co-résidents et retranscrit fidèlement les « desiderata » des pensionnaires.

NIEDERKORN

Gabrielle Thekes-Krier, 81 Joer, „Um Lauterbann"

Gabrielle Thekes-Krier, *81 ans, « Um Lauterbann »*

„AM GÄERTCHEN UM LAUTERBANN"

DANS LE JARDIN « UM LAUTERBANN »

„Mäi Gäertchen ass meng Liiblingsplaz", verréit Gabrielle Thekes-Krier, déi sech gär ëm hir Blummen am „Jardin thérapeutique" këmmert déi d'Bewunner aus dem CIPA Nidderkuer extra an d'Belsch akafe gaange sinn. Niewent hirer Passioun fir Blummen, baakt d'Madamm Thekes leidenschaftlech gär - eng weider Aktivitéit där si am SERVIOR-Haus „Um Lauterbann" nogoe kann.

« Mon jardin est mon endroit préféré », insiste Gabrielle Thekes-Krier, qui prend plaisir à s'occuper de ses fleurs dans le « Jardin thérapeutique » que les résidents du CIPA à Niederkorn sont allés spécialement acheter en Belgique. En plus de sa passion pour les fleurs, Gabrielle Thekes-Krier adore faire de la pâtisserie - une autre activité à laquelle elle peut s'adonner au CIPA « Um Lauterbann ».

WILTZ

Aloyse Schaeffer, 92 Joer, „Geenzebléi"

Aloyse Schaeffer, *92 ans, « Geenzebléi »*

BRÉNG EIS SAACHEN ALLERHAND

APPORTE-NOUS TOUTES SORTES DE CHOSES

Den Aloyse Schaeffer huet säi ganzt Liewen an engem Spillbuttek zu Wolz verbruecht. „Fir Niklosdag hate mir als Kanner ëmmer déi neiste Spillsaachen déi um Marché waren", verréit den Aloyse Schaeffer beim Fotoshooting am Spilleck vum SERVIOR-Haus „Geenzebléi" zu Woltz.

Aloyse Schaeffer a passé toute sa vie dans un magasin de jouets à Wiltz. « Pour la Saint-Nicolas, nous avions toujours en tant qu'enfants, les derniers jouets à la mode », explique Aloyse Schaeffer lors de la séance photo près de l'espace jeu de la maison SERVIOR « Geenzebléi » à Wiltz.

BOFFERDANGE

Sandra MERGEN, Auxiliaire de vie, „Am Park"
Sandra MERGEN, *Auxiliaire de vie, «Am Park»*

"ECH HUELE MIR ZÄIT FIR EIS BEWUNNER"

JE PRENDS DU TEMPS POUR NOS RÉSIDENTS

Säit hirer Léier am Joer 2007 schafft d'Sandra Mergen bei SERVIOR. Zu Boufer „Am Park" ass d'Zäit, déi si de Bewunner gëtt, e Geschenk fir d'Leit a fir déi 28-järeg Mataarbechterin. Ee vun hire Liiblingsecker ass bei der Klack aus dem Joer 1843, déi e fréiere Bewunner dem SERVIOR-Haus zu Boufer geschenkt huet.

Depuis son stage en 2007, Sandra Mergen travaille chez SERVIOR. À Bofferdange, dans le centre «Am Park», le temps qu'elle consacre aux résidents constitue un cadeau autant pour les personnes dont elle s'occupe que pour la collaboratrice de 28 ans elle-même. L'un de ses endroits préférés est près de la cloche de 1843, qu'un ancien résident a offert au centre de Bofferdange.

WILTZ

Irma Balthasar-Duton, 85 Joer, „Geenzebléi"

Irma Balthasar-Duton, *85 ans, « Geenzebléi »*

CH SINN FROU WANN D'KANNER KOMMEN

JE SUIS CONTENTE QUAND VIENNENT LES ENFANTS

„Wéi mir mat de Kanner aus der Crèche an de Bësch spadséiere waren, hu mir gesot datt et flott wier fir eng Bänk ze hunn". Ëmsou grouss war d'Iwwerraschung wéi d'Kanner eis eng Bänk gestalt hunn, erzielt d'Madamm Duton, déi sech ëmmer freet wann d'Kanner aus der Crèche d'Senioren aus dem „Geenzebléi" besiche kommen.

«Alors que nous nous promenions dans la forêt avec les enfants de la crèche, nous avons dit que ce serait bien d'avoir un banc». La surprise fut de taille lorsque les enfants nous ont offert un banc, raconte Madame Duton, qui se réjouit toujours quand les enfants de la crèche viennent rendre visite aux seniors de la « Geenzebléi ».

ESCH/ALZETTE

Jeanny Suzanne Schmit-Turmes / Jean Turmes (95 a 96 Joer),
„Op der Léier"

Jeanny Suzanne Schmit-Turmes / Jean Turmes *(95 et 96 ans),*
«Op der Leer»

ËNNER GESËSCHTER

ENTRE FRÈRE ET SŒUR

D'Schwëster an de Brudder liewen am CIPA „Op der Léier".
Am Zëmmer vum Jean Turmes begéinen sech déi zwee
a schwätze vu fréier vun den net ëmmer einfache Joren
wärend dem Krich.

La sœur et le frère vivent au CIPA «Op der Léier».
Dans la chambre de Jean Turmes, tous deux se rencontrent
et parlent du temps passé et des années pas toujours faciles
durant la guerre.



HOWALD

Elisa Plein, Ergotherapeutin, „Beim Klouschter"

Elisa Plein, *Ergothérapeute, « Beim Klouschter »*

HE VOICE OF SERVIOR

THE VOICE OF SERVIOR

Wann d'Elisa Plein net als Ergotherapeutin am CIPA „Beim Klouschter" um Houwald schafft, da steet si zu Tréier op der Bühn als Musicalduerstellerin. Am Bannenhaff vum CIPA stëmmt si spontan dem Leonard Cohen säin „Halleluja" un.

Lorsqu'Elisa Plein ne travaille pas en qualité d'ergothérapeute au CIPA « Beim Klouschter » à Howald, elle se produit sur scène à Trèves en tant que chanteuse dans un « musical ». Dans la cour intérieure du CIPA, elle entonne spontanément l'« Halleluja » de Leonard Cohen.

ECHTERNACH

Germaine Graas, 85 Joer, „Schleeschen"

Germaine Graas, *85 ans, « Schleeschen »*

" EN CHARLY"

CHARLY

„Den Charly läit gär bei mir um Rollator", erzielt d'Madame Graas aus dem ‚Schleeschen' iwwert d'Hauskaz, déi bei de Bewunner vum SERVIOR-Haus zu Iechternach ganz beléift ass. Déi 85-järeg Seniorin trëppelt all Dag sechs mol an de Gaart vum „Schleeschen": „Hei sinn ech gär".

« Charly aime s'asseoir près de moi sur mon déambulateur », explique Madame Graas du « Schleeschen » à propos du chat domestiqué et très populaire auprès des résidents de la maison SERVIOR à Echternach. La senior de 85 ans se promène dans le jardin du « Schleeschen » six fois par jour : « Ici, je me sens bien ».

RUMELANGE

Sandra Classen, Service restauration, „Roude Fiels",

Sandra Classen, *Service restauration, «Roude Fiels»*

P AENHÉICHT MAT DE BEWUNNER

EN ACCORD AVEC LES RÉSIDENTS

„Ech schwätze gär mat de Clienten iwwert Formel 1 an den Tatort", seet d'Sandra Classen aus dem CIPA „Roude Fiels". Säit 9 Joer schafft si bei SERVIOR a freet sech ëmmer op nei Erausfuerderungen an hirem Beruff.

«J'aime échanger avec les clients sur la Formule 1 et la série Tatort», explique Sandra Classen du CIPA «Roude Fiels». Depuis 9 ans, elle travaille chez SERVIOR et est toujours impatiente de relever de nouveaux défis dans sa profession.

DIFFERDANGE

Anne Philippe, 89 Joer, „Thillebierg"

Anne Philippe, *89 ans, «Thillebierg»*

UN DÉIFFERDENG OP LOURDES

DE DIFFERDANGE À LOURDES

„Ech war dëse Summer op Lourdes an op de Bodensee", erzielt d'Madamm Philippe aus dem SERVIOR-Haus „Thillebierg", déi ganz zefridden ass an hirem Zëmmer, wou vill perséinlech Erënnerungen a Biller vun hire Reesen an hirer Famill hänken. „An d'nächst Joer fueren ech erëm mat op Lourdes", seet d'Anne Philippe, déi och Vizepresidentin vum Heemrot ass.

«Je suis allée à Lourdes et au lac de Constance cet été», raconte Madame Philippe de la maison SERVIOR «Thillebierg», très heureuse dans sa chambre où sont accrochés de nombreux souvenirs personnels, photos de ses voyages et photos de sa famille. «L'année prochaine, je partirai à nouveau à Lourdes», explique Anne Philippe, également vice-présidente du Conseil de maison.



BOFFERDANGE

Othon Schmit, 80 Joer, „Am Park"

Othon Schmit, *80 ans, «Am Park»*

EN TREIE BEGLEEDER AM ALLDAG

UN COMPAGNON FIDÈLE AU QUOTIDIEN

Säit 5 Joer wunnt den Othon Schmit mat sengem Hond Jiaggy am CIPA „Am Park" wou si alle béid ganz zefridde sinn. Nom Spadséiergank an de schéin ugeluechte Parkanlagen zu Boufer waart an der Receptioun e Leckerli op den Jiaggy.

Depuis 5 ans, Othon Schmit et son chien Jiaggy vivent au CIPA «Am Park» où ils sont tous deux très heureux. Après une promenade dans les magnifiques parcs paysagers de Bofferdange, une friandise attend toujours Jiaggy à la réception.

ECHTERNACH

Christa Meyer, Animatioun, „Schleeschen"

Christa Meyer, *Animation, «Schleeschen»*

"D'KONSCHTDIRIGENTIN"

LA CHEF D'ORCHESTRE ARTISTIQUE

„Ech dirigéieren de Pinselstréch vun de Clienten",
seet d'Christa Meyer, déi am Molatelier oft mat Leit schafft,
déi nach ni an hirem Liewen e Pinsel am Grapp haten.
Déi Gemeinschaftswierker, déi voller Expressivitéit sinn,
förderen déi sozial Kompetenzen bei de Bewunner.
„Wat haut mat deem Bild geschitt ass, mécht mech glécklech",
seet d'Christa Meyer dem Här Keltesch no der Molstonn.

«Je dirige les coups de pinceau des clients», explique Christa Meyer, qui travaille souvent dans l'atelier Peinture avec des personnes qui n'ont jamais tenu un pinceau de leur vie. Les ateliers communs, emplis d'expressivité, promeuvent les compétences sociales des résidents. «Ce que nous avons réalisé ce jour avec cette peinture me rend heureuse», avoue Christa Meyer à Monsieur Keltesch à l'issue de son atelier de peinture.

DIFFERDANGE

John Huybrechts, 86 Joer, „Thillebierg"

John Huybrechts, *86 ans, «Thillebierg»*

"DE PIANIST"

LE PIANISTE

De pensionéierten Organist John Huybrechts spiellt Fugen vum Bach oder Improvisatiounen iwwer Lëtzebuerger Marielidder - e wonnerbart Beispill fir d'Kraaft vun der Musek wann aner Kräften noloossen.

L'organiste à la retraite John Huybrechts joue «Fugen» de Bach ou des improvisations sur des «Lieder» luxembourgeois, un merveilleux exemple du pouvoir de la musique lorsque d'autres forces s'affaiblissent.

LUXEMBOURG

Nadja Reuter, Ergotherapeutin, „Op der Rhum"

Nadja Reuter, *Ergothérapeute, « Op der Rhum »*

ERGOTHERAPEUT ASS DEE SCHÉINSTE BERUFF VUN DER WELT

ERGOTHÉRAPEUTE EST LA PLUS BELLE PROFESSION DU MONDE

Nadja Reuter schafft vun der éischter Stonn un bei SERVIOR als Ergotherapeutin an huet verschidden Haiser kennegeléiert. Mat vill Häerzblutt verriicht si hiren Déngscht op der Rhum a kéint sech keng méi schéin Aufgab virstellen.

Nadja Reuter travaille depuis toujours chez SERVIOR en tant qu'ergothérapeute et a appris à connaître plusieurs maisons. Avec beaucoup d'ardeur et de passion, elle œuvre sur le site « Op der Rhum » et ne pourrait pas imaginer une tâche plus belle.

NIEDERKORN

Anne-Marie Justen-Pirsch, 80 Joer,
„Um Lauterbann"

Anne-Marie Justen-Pirsch, *80 ans,*
«Um Lauterbann»

"WA MIR FUSSBALL SPILLEN, …

QUAND NOUS JOUONS AU FOOT, … "

Bal 30 Joer stoung Anne-Marie Justen-Pirsch an der Buvette vum UN Bascharage, huet d'Uniforme vun de Spiller gewäsch an de Spiller gekacht. Eng Kéier ass si souguer vum Terrain geflunn, well si mat enger Entscheedung vum Onparteieschen net zefridden war. Dat huet si awer net ofgehalen fir weider fir hire Veräin ze halen a verpasst och am CIPA zu Nidderkuer kee Bundesliga-Match.

Pendant près de 30 ans, Anne-Marie Justen-Pirsch a tenu la buvette du UN Käerjeng, a lavé les uniformes des joueurs et cuisiné pour eux. Une fois, elle a même été expulsée du terrain parce qu'elle n'était pas satisfaite d'une décision de l'arbitre. Mais ceci ne l'a pas dissuadée de continuer à supporter son équipe et même au CIPA à Niederkorn, elle ne manquera pas un match de Bundesliga.

ECHTERNACH

Dan Katzenmeier, Animatioun, „Belle-Vue“

Dan Katzenmeier, *Animation, «Belle-Vue»*

P DEN HOND KOMM

ALLEZ LE CHIEN

Den Dan Katzenmeier bréngt reegelméisseg säi privaten Hond – d'Maggy - mat an d'SERVIOR-Haus „Belle-Vue“ op Iechternach, deen en treie Begleeder fir d'Awunner vum CIPA ass.

Dan Katzenmeier emmène régulièrement avec lui au CIPA «Belle-Vue» d'Echternach son propre chien - Maggy - qui est un fidèle compagnon des résidents.

RUMELANGE

Claude Hirtz, 73 Joer, „Roude Fiels"

Claude Hirtz, *73 ans, « Roude Fiels »*

IREMAN CLAUDE

CLAUDE, LE POMPIER

Eemol Pompjee, ëmmer Pompjee: All Joer steet de Claude Hirtz mat senger Pompjeeskaap virum „Roude Fiels" a salutéiert senge Kollegen vun de Remelénger Pompjeeën, déi de Meekranz an d'Entrée vum SERVIOR-Haus ophänke kommen.

Une fois pompier, pompier pour toujours : chaque année, Claude Hirtz se tient avec son képi de pompier devant l'entrée du « Roude Fiels » et salue ses collègues pompiers de Rumelange, lorsqu'ils viennent accrocher la « Gerbe de mai » (« Meekranz ») à l'entrée de la maison SERVIOR.

ÉDITEUR

SERVIOR
1, plateau du Rham
L-2427 Luxembourg
Tél. : (+352) 46 70 13-1
communication@servior.lu

servior.lu

© SERVIOR - Janvier 2020

L'exposition se visite uniquement sur rendez-vous. Des visites guidées gratuites sont organisées par SERVIOR - Op der Rhum - 1, plateau du Rham (Luxembourg) sur réservation (Tél. 47 20 21- 1).

«En marge de l'exposition photos proprement dite, le visiteur a l'occasion de découvrir le Plateau du Rham, site exceptionnel inventorié au patrimoine mondial de l'Unesco et sur lequel est situé le SERVIOR CIPA «Op der Rhum», qui peut accueillir quelques 220 pensionnaires. Quelle belle expérience de pouvoir allier l'art photographique contemporain avec l'histoire patrimoniale et historique du Luxembourg…»

SERVIOR (services aux seniors) avec ses nombreux centres répartis sur l'ensemble du pays est le principal gestionnaire de structures d'hébergement et prestataire de services pour personnes âgées au Luxembourg.

DEN ALTER LIEWEN

SERVIOR